## Prost Neujahr

Prost Neujahr
Schreist du in die Nacht
Inmitten all der Leuchtraketen
Wahnsinn, wenn die Menge lacht
Wo andere verzweifelt beten.

Prost Neujahr
Schreist du in die Nacht
Befreit von Alltagsnöten
Wer denkt daran, wenn's draußen kracht
Dass Krieg und Leid die Menschen töten.

Prost Neujahr
Schreist du in die Nacht
Wenn ringsum Gläser klingen
Es wird, wer sich Gedanken macht
Ein Lied vom Frieden singen.

**UNION SAINT PIE X**
64, rue Charles Martel L-2134 Luxembourg
Tél.: 26 20 18 99 Fax: 26 20 18 98

www.piusverband.lu
Secrétariat: saintpie@pt.lu
Centre de documentation: unionpie@pt.lu
Layout: Fernand Kridel

# Piusblietchen
*Informatiounsblat vum Piusverband*
Nummer 4 / Dezember 2008

## Just e Wuert

Och a grad fir den Ofschloss vun dësem Joer, dat grad wéi déi aner erëm esou séier eriwwer gaangen ass, hu mir eise Chéier eng Parti Neiegkeete matzedeelen, ugefaang vun eiser neier Assurance-Gesellschaft iwwer déi nei Publikatiounen bis hin zu eisem neie Verdeelungsmodus vum Canticum Novum mat enger ganz neier Deckelsäit.

Roby ZENNER
President vum Piusverband

## Eng nei Assurance-Gesellschaft

Wéi dir wësst, huet de Piusverband schonns zënter laange Joren 3 Assurancen ofgeschloss: eng Haftflicht an eng Onfallversécherung, déi allebéid fir d'Membere vum Piusverband am Beitrag mat dra sinn, an eng Casco, déi jiddereen, deen et wëllt, ka wielen. Vun ufangs dem nächste Joer un hu mir eng aner Versécherungsgesellschaft, nämlech „Le Foyer": bei hir verséchere mir äis vum 1. Januar 2009 un an der Casco a vum 1. Februar 2009 un an der Onfallversécherung. D'Haftflichtversécherung bleift weiderhin bei der „Allianz". Fir eis Memberen ännert sech absolutt näischt, alles bleift wéi bis elo, just datt mir verschidde Verbesserunge beim „Le Foyer" erreecht hunn. Ugangs dës Joers 2009 gëtt eng nei Brochure mat eise Reglementer un eis Chéier verdeelt.

## Umeldungen fir 2009

De Comité Central erënnert d'Choralen un d'Umeldunge vun hiren aktive Memberen, vun hirem Comité a vun den Interesséierten un enger Casko-Versécherung, un d'Abonnementer vun den auslännesche Revüen, mee och – eng Neierung – un d'Bestellung vum Canticum Novum fir déi eenzel Memberen, déi e gär hätten.

## Nei Publikatiounen

Récemment, un nouveau CD est sorti de presse sous la dénomination „Cinq minutes avec Marie“. Sur les quatre compositions du CD, trois ont été conçues par Michele Camposeo, alors que la quatrième, „La Califfa“, porte le nom d'auteur d'Ennio Moricone. Michele Camposeo a mis en musique „Jeune fille de Galilée“, „Ave, ave Maria“ et le générique instrumental. Il a également assuré la musique et les arrangements et fait en plus oeuvre de soliste, alors qu'il est accompagné par Marie Colombet au violoncelle et par une chorale de dix choristes. Le CD portant le numéro CD 2008 30 peut être commandé par un virement de minimum huit euros à l'un des comptes CCPL IBAN LU25 1111 1160 8573 0000 ou BCEE IBAN LU15 0019 1055 6072 8000 avec la mention „Cinq minutes pour Marie“. Les dons recueillis de la sorte sont destinés au financement du programme radiophonique „Cinq minutes avec Marie“. Pour tous renseignements supplémentaires, prière de s'adresser aux „Missionnaires de l'Immaculée – Père Kolbe a.s.b.l.“, 130, route d'Esch, L-1471 Luxembourg, tél. 48 19 98, fax 26 48 18 13, E-mail spesnos@pt.lu ou site internet www.kolbemission.org.

## Neie Verdeelungsmodus vum Canticum Novum

Fir déi 4 Nummeren 2009 vum Canticum Novum huet de Comité Central e ganzt schéint Bild fir d'Titelsäit erausgesicht, eppes ganz aneschters wéi alles dat, wat mir bis elo haten. Loosst Iech iwwerraschen! Vum Mäerz 2009 u gëtt de Canticum Novum op eng ganz aner Aart a Weis verdeelt wéi bis elo. Zënter Jore kritt de Korrespondent de ganze Pak vun de Bestellungen heem geschéckt. Vun 2009 u kréien all déi Membere vun de Choralen, déi extra dofir op der Lëscht agedroe gi sinn, de Canticum Novum duerch d'Post perséinlech heem geschéckt. Dat verhënnert, datt päckweis Exemplären an de Proufsäll an um Ducksall leien an datt et Retarden an der Zoustellung fir déi eenzel Membere gëtt. Well d'Deckelsäiten awer am Februar 2009 matenee fir déi 4 Nummere gedréckt ginn, fir esou Käschten ze spueren, kënnen nom Februar 2009 keng Bestellungen an och keng Nobestellunge fir de Canticum Novum méi ugeholl ginn.

## „Dem Härgott säi Wuert“

Vrun enger Zäit schonns ass ënnert dësem Titel e Buch als liturgesch Hëllef uechter d'Kierchejoer eraus komm. Et ass verfaasst gi vum Francis Hierzig (+) an et versteet sech als eng wäertvoll Hëllef, déi biblesch Texter, déi an der Kierch virgelies ginn an net ëmmer liicht ze verstoe sinn, an de Kader vum Sonndeg an an hire geschichtlechen Zesummenhank ze stellen. D'Buch am kammoute Format DIN A5 kann all deenen, déi op irgend eng Manéier mat der Liturgie ze doen hunn, ganz wäertvoll Déngschter leeschten. Et ka bestallt gi fir de Präis vun 21 Euro duerch Iwwerweisen op de CCPL LU47 1111 0256 7062 0000 vun Tilly Hierzig oder CCPL LU07 1111 0102 6782 0000 vum Abbé Jean Hierzig (mam Vermierk „Dem Herrgott säi Wuert“). Da gëtt d'Buch heem geschéckt.

## 40. Generalversammlung 2009

Elo schonns sollen eis Chéier sech den Datum vu samschdes, de 7. Februar 2009, nomëttes um halwer 3, mierken. Da gëtt nämlech déi 40. Generalversammlung vum Piusverband am Festsall vum Lycée Robert Schuman um Lampertsbierg ofgehalen. D'Festreferat gëtt vum Mill Majerus, Conseiller de Gouvernement an aktive Kierchesänger, iwwert d'Thema vum Benevolat zu Lëtzebuerg gehalen.

## Neijooschëmfank 2009

Frëndlech Invitatioun op den Neijooschëmfank 2009, deen de Piusverband zesumme mat der Chorale Sainte-Cécile vu Réiser e Samschdeg, den 3. Januar 2009, nomëttes um 3 Auer, zu Réiser am Kulturzentrum, vis-à-vis vun der Porkierch, organiséiert.

## Chrëschtdag an Neijooschdag

De Comité Central an d'Delegéierteversammlung wënschen alle Choralen, hire Memberen an hire Famillje vu ganzem Häerz e frouen a schéine Chrëschtdag an e gesond, glécklecht, friddlecht an erfollegräicht Neit Joer 2009.